



PRESSEKONFERENZ

7. Februar 2018

**STEEWOLLFABRIK
an der Industriezone *Paafewee* zu Suessem**

**NEI DEPONIEN
um ale Crassier Déifferdég**

D'Geméngen Déifferdég a Suessem hunn am Kader vun de Prozeduren zu de Projetën Steewollfabrik a nei Deponien e gemeinsamen Avis verfaasst. Mä wëllen hei di wichtegst Kritikpunkte viirstellen. Dës Punkten sinn am Avis mat weideren Einzelheete behandelt. Di vollstänneg Avisën vun de béide Geméngen leien an der Pressemapp.

STEEWOLLFABRIK

Firma Knauf Insulation sprl

Steewoll gëtt vum Nohaltegkeetsministär als nët nohaltegt Isolatiounsmaterial ugesinn. Deementspreechend gët et op deem Produkt kéng Subventioun fir nohaltegt Bauen. Dest gouf ons vu *myenergy*, di national Berodungs-Agence fir Energiespueren vun de Ministäre Wirtschaft, Nohaltegkeet a Wunnen bestätegt.

1. Energie a Klimaschutz

- Fir 110.000 Tonne Steewoll pro Joer ze produzéieren gëtt vum Hiersteller den Energieverbrauch op 236 GWh geschätzt. Dës Quantitéit Energie entsprécht ongeféier $\frac{3}{4}$ vum Konsum (Elektresch a Gas zesumme) vun der Stad Déifferdeng. D'Steewollfabrik hätt also en ähnlechen Energieverbrauch wéi ca 25.000 Awunner.
- 90 % vun der Energie gëtt iwwer Kuel (58 %) an Erdgas (32 %) gedeckt, also fossil Brennstoffe, di aner 10% si Stroum. D'Méiglechkeet en Deel vun der Energie iwwer erneierbar Quellen ze décken, gëtt am 238-Säite starken Dossier nët thematiséiert.
- Op der Basis vum Emissiounsrechner vum Klimapakt entsprécht den Energieverbrauch vun der Steewollfabrik CO₂-Emissiounen vun ca 94.000 Tonne pro Joer. Dat ass den Ausstouss vun ca 71.000 Autoen, déi 10.000 km fueren (Rechebasis : 132 g CO₂/km)

2. Loftqualität

- D'Emissiounen vu Stéckstoffoxyde (NO_x) gi vu Knauf op 80.000 kg pro Joer geschätzt. Dës Quantitéit entsprécht ca 265.000 Autoen, déi 10.000 km fueren.
- Dobäi komme nach aner Schuedstoffe an d'Loft, an zwar ausgesproche Reizgaser : Schwiefeloxiden (SO_x) mat engem geschätzte Maximum vun 280.000 kg am Joer an Ammoniak mat 180.000 kg am Joer. Pro Dag wéieren dat ca 750 kg SO_x a 500 kg Ammoniak. Zu de gasförmegen Emissiounen komme nach Feststoffe a Form vu Steewollfasere mat enger maximal geschätzter Joresfracht vun 135.000 kg.

3. Transport

Esou wuel d'Ausgangsmaterial, also Basalt-Stäng wéi och d'Kuel an d'Produktioun ginn exklusiv iwwert d'Strooss transportéiert. Trotz enger Verkéierssituatioun, déi der Sättegung no ass, ginn di 84 geplangten Camions-Bewegunge pro Dag als eng vernoléissegbar Zousatzbelastung gewert, also no der Logik, dass jidderee fir sech därf an Usproch huelen, en onbedeitende Bäitrag um Verkéierschaos ze leeschten. Dobäi féiert d'Schinnenetz bis an d'Industriezone Paafewee eran. Dat gëtt och am Dossier kloer gesot, d'Optioun vun enger Ubannung awer mat wéineg iwwerzeegenden Argumenter verworf.

4. Offall

Fir den Industrie-Offall gëtt et weder zu Lëtzebuerg nach an der Groussregioun eng geeegent Deponie. D'Léisung wéier den Offall – no den Informatiounen am Dossier bis zu 4.000 Tonnen am Joer – erëm ze exportéieren, an zwar quier duerch Däitschland bis an d'Géigend vu Leipzig !

Eis Positioun

Di béid betraffe Geménges Suessem a Déifferdég kënnen a wëllen dëse Projet vun enger Steewollfabrik net ënnerstëtzen. Ka vun enger zukunftsweisender Technologie riets goen, wann 110.000 Tonne Sténg pro Joer mat fossile Brennstoffe op 1.400 °C gehëtzt ginn ... an dat fir Isolatiounsmaterial hierzestellen? Ass et nohalteg an akzeptabel e Wierk mat esou héige Schuedstoffemissiounen an d'Loft mëtten an e scho virbelaaschtend Wunngebidd ze sëtzen mat Risiken fir d'Gesondheet an d'Wuelbefanne vu ville Mënschen? Misste grouss Betriber sech net an der Pflicht spieren hir Energie-, Transport- an Offallpolitik minimal den Ufuerderungen vun der Zäit no opzestëllen, zumol bei engem neie Wierk? All di Themen weisen, dass dës Steewollfabrik net kompatibel ass mam Rifkin-Prozess a konträr zu den Engagementer am Klimapakt. Lëtzebuerg ass am europäesche Vergläich (no EuroStat) Schlusslicht bei den erneierbaren Energien. An eléng fir d'Energie vun dësem Wierk auszegläichen bräichte mer ca 40 nei Wandrieder!

Hiweis op de gemeinsamen Avis

Di hei viirgestallte Punkten kënnen am Avis vun de Geméngen Déifferdég a Suessem mat méi Detailler nogeliess ginn, an zwar :

- | | |
|--------------------------|------------|
| 1. Energie a Klimaschutz | Kapitel 7 |
| 2. Loftqualitéit | Kapitel 5 |
| 3. Transport | Kapitel 9 |
| 4. Offall | Kapitel 10 |

NEI DEPONIEN

Firma Cloos SA

Deponien hunn hei am Süden ëmmer erëm fir ëffentlech Diskussiounen gesuergt. Virun enger Zäit war et de Ronnebiërg an elo ass et de Monnerecher Crassier. Manner bekannt ass di al Deponie am Woiwerbësch zu Déifferdëng, awer bekannt ass, dass déi säit ville Joren belaschtend Sickerwaasser iwwert d'Kaléckerbaach an d'Kor féiert. An elo kënn e neie Projet, gläich fir zwou Deponien, eng fir Inertstoffer an di aner fir sougenannt „By-products“, am Kloertext Industrie-Offall.

1. Sanéierung virun engem Neibau

De Projet vun den zwou neien Deponien gesäit vir, dass dës direkt op en Deel vun den alen Deponien zwëschen Déifferdëng a Suessem hi kommen. Op der Erfahrung vun de läschte Jorzéngte misst et eigentlech fir jidderee Sënn maachen sech zuéischt mat der Sanéierung vun den alen Deponien ze beschäftegen, iert een Projeten ausschafft fir de Bau vu neien Deponien.

2. Verantwortlechkeeten a Lafzäiten

- Di nei Projeten zesumme mat den Deponien di haut bestinn maache am Ganzen 5 verschidden Deponien. Dës 5 Deponiekierper leien zum Deel uneneen an zum Deel iwwerteneen. Bei esou engem Konstrukt muss kloer d'Fro gestallt ginn, wee fir wat verantwortlech wäert sinn, am Fall wou Schwierigkeeten vu Stabilitéit oder Kontaminatioun optrieden ?
- En Deel vun der historiescher Deponie fir Industrie-Offall soll vun enger neier Deponie iwwerbaut ginn. Dat alt Material wäert doduerch nët méi kënnen erreicht ginn. Ween iwwerhëllt dofir d'Verantwortung am Fall vu Problemer ?
- Di geplangten Deponie fir Industrie-Offall ass fir eng Lafzäit vu 40 Joer virgesinn. Dës laang Betriebszäit bedeit, dass d'Verantwortlechkeet schlussendlech op di nächst an iwwernächst Generatioun iwwerdroe gëtt.
- Genee esou e Beispill hu mer schon, an zwar de Crassier Monnerech, deen a sénger langer Liewenszäit och verschidden Deponiefunktiounen erfëllt huet, mat de Konsequenzen di mer kënnen. Ween iwwerhëllt dofir d'Verantwortung ? Och di Leit vun deemols waren sécherlech der Mähnung si géngen alles richteg maachen. D'Praxis déi haut als richteg gëllt, ka muar schon erëm a Fro gestallt ginn. Dofir soll eis Generatioun sech nët umudden définitiv Léisungen ze hunn.

3. Stëps a Loftschedstoffer

D'Leit am Fuusspann kloen dachs iwwer héich Stëps- a Schedstoffnidderschléi. Am Dossier vun de neien Deponien gëtt argumentéiert, dass d'Grenzwerter nët iwwerschritt wäerte ginn. Dobäi gëtt an de Rechemodeller di aktuell Umweltbelaschtung guer nët berücksichtegt, also esou wi wann et zu Déifferdëng kéng Stëps- a Schedstoffimmissiounen géng ginn. Di laangjäreg Miessungen vun der Umweltverwaltung wéi och vun der Geméng Déifferdëng weisen awer, dass et ëmmer nees zu Iwwerschreidunge vu Grenzwerten fir Stëps, Schwéiermetaller an och Dioxine kënn. Dës ëffentlech Informatiounen hunn de Wee an den Dossier sichtlech nët fond.

4. Uewerflächen- a Grondwaasser

Eng Rei Miessdaten, déi am Dossier präsentéiert gin, loossen drop schléissen, dass di aktuell Deponien d'Grondwaasser belaschten, doduerch, dass den Ennergrond nët dicht ass. Fir d'Behandlung vum

Uewerflächewaasser sinn d'Léisungen, déi virgesi sinn, nët iwwerzeegend, zumol wann ee bedenkt, dass fir d'Deponie fir Industrie-Offall eng Lafzäit vu 40 Joer ugesaat gët. D'muss een also färten, dass Schuedstoffer iwwer verschidde Weeër an d'Kor kommen. Och zu dësem Thema ass de Crassier Monnerech e Fallbeispill.

5. Landschaft a Mikroklima

No der Betriebsphase vu bis zu 40 Joer wärt sech am Kordall e 56 m héiche Bierg opgetiermt hunn. Wat sinn dobäi d'Auswierkungen op d'Landschaftsbild an op d'Mikroklima, d.h. méigelech Verännerungen vun de Loftstréimungen duerch de Kordall ? Och dat sinn Themen, déi d'Geméng fir wichteg halen.

Eis Positioun

Opgrond vun de sëllegen Defiziter an dësem Dossier huet de Geméngerot vun Déifferdég ouni ze warden (den 13. Dezember 2017) sech eestëmmeg géint dëse Projet vun zwou neien Deponien um ale Crassier ausgeschwat. Am gemeinsamen Avis gëtt di kritesch Haltung och vun der Geméng Suessem gedeelt. Deponien si per Definitioun künstlech Kieperen, déi no hirer aktiver Phase fir eng laang Zäit an der Landschaft stoe bleiwen. Et ass dofir nët akzeptabel, dass nei Deponie gebaut ginn iert sech Gedanke gemaach ginn vun enger Sanéierung vun den alen Deponien op deem selwechte Site. An e Konzept iwwert de ganze Site gehéiert och e verlässlechen a novollzëibare Noweis, dass all Kontaminatioun, ob an d'Loft, an d'Grondwaasser oder an d'Uewerflächewaasser vermidde ka ginn oder, wann dat nët vollstänneg méigelech ass, gefaasst an da behandelt gëtt. Mäer mussen och iwwert de Site selwer eraus kucken a préiwen, ob a wéi e neie Bierg an d'Landschaft passt an wat den Impakt op d'Mikroklima ass. An dat Wichtegst vun allem ass an dësem Dossier kaum thematiséiert : d'Gesondheet an d'Wuelbefanne vun de Leit, déi ganz no bei den Deponie liewen.

Hiweis op de gemeinsamen Avis

Di hei viirgestallte Punkten kënnen am Avis vun de Geméngen Déifferdég a Suessem mat méi Detailer nogeliess ginn, an zwar :

- | | |
|-------------------------------------|--------------------|
| 1. Sanéierung virun engem Neibau | Kapitel 1 |
| 2. Verantwortlechkeeten a Lafzäiten | Kapitelen 2 an 3 |
| 3. Stëps a Loftschuedstoffer | Kapitelen 15 a 16 |
| 4. Uewerflächen- a Grondwaasser | Kapitelen 12 an 13 |
| 5. Landschaft a Mikroklima | Kapitelen 9 an 11 |